

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.


An der Äntwert op meng Fro vum 6. Januar 2021 iwwert d'Lëtzebuenger am Ausland informéiert den Här Minister: "Lëtzebuenger déi am Ausland wunnen sinn net verpflichtet Gebuerten zu Lëtzebuerg ze mellen. Des Donnéen sinn dofir am RNPP just informatif enregistréiert an dofir net komplett." Deemno weess d'Regierung net, wéi vill Lëtzebuenger Staatsbierger et ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Am Hibleck op déi uewe genannten Informatiounen: Ass dëst eng zefriddestellend Situatioun fir d'Regierung?
2. Ass d'Regierung net der Meenung, dass ee Staat zu all Moment misst driwwer informéiert sinn, wéi vill Staatsbierger offiziell registréiert sinn?
3. Gedenkt d'Regierung dës Situatioun ze verbesseren?
4. Geet de Minister dovun aus, dass et méi Lëtzebuenger am Ausland ginn, ewéi déi offiziellen Zuelen dat vermudde loosse, well op där enger Säit d'Nationalitéit jo verierft gëtt un d'Kanner, an op där anerer Säit d'Gebuerte jo net musse beim Lëtzebuenger Staat gemellt ginn?
5. Huet de Minister eng Aschätzung, wéi vill méi Lëtzebuenger am Ausland liewen, ewéi déi offiziell Zuelen dat vermudde loosse?
6. Op d'Fro "Huet de Lëtzebuenger Staat d'Adresse vun deene bal 100.000 Auslandslëtzebuenger?" äntwert de Minister mat Nee. Vun wéi vill vun senger Staatsbierger am Ausland huet de Lëtzebuenger Staat dann d'Adressen?
7. Bei wéi enge Geleeënheete ginn d'Auslandslëtzebuenger vun Lëtzebuenger Staat ugeschriwwen?
8. An wéi enge Sprooche geschitt dat?
9. Sou wäit et dem Staat bekannt ass: Wéi vill Lëtzebuenger Staatsbierger hunn bei de leschte Chamberwahlen 2018 am Ausland gewonnen?
10. Wéi vill Lëtzebuenger Staatsbierger, déi 2018 am Ausland gewonnen hunn, ware bei de Chamberwahlen 2018 stëmberechtigt?
11. Wéi vill vun hinnen hunn en Walziedel ugefrot?
12. Wéi vill vun hinnen hunn och tatsächlech ofgestëmmt?
13. Wéi deelt dat sech op déi verschidde Walbezierker op?

14. Ass den Här Minister zefridde mat der Unzuel u Lëtzebuenger Staatsbierger, déi am Ausland wunnen an déi un de leschte Chamberwale deelgeholl hunn?
15. Bei de Gemengewale gi Campagnen organiséiert, fir méi Leit ze motivéieren, wielen ze goen. Si bei de Chamberwale och esou Campagne virgesinn, fir méi Leit ze motivéieren, wielen ze goen?
16. Aner Länner, wéi z.B. Frankräich a Portugal, hunn an hire Parlamenter eng gewëssen Unzuel un Sätz, déi fir hir Staatsbierger, déi am Ausland wunnen, reservéiert sinn. Kéint d'Regierung ech esou eppes och fir Lëtzebuerg virstellen?
17. Lëtzebuenger Staatsbierger, déi am Ausland wunnen, hunn kee passivt Walrecht. Firwat ass dat esou?
18. Gesäit d'Regierung heiranner en Problem fir d'Representativitéit vun der Lëtzebuenger Chamber?
19. Gesäit d'Regierung hei en Demokratiedefizit?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten